



Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°5991 vum 28. Mäerz 2022 vun dem éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert "Piège à tortue"

Am Naturschutzgebitt "Haff Réimech" goufen am Waasser Këschten opgestallt. Et handelt sech heibäi ëm Schildkrötefale, mat deenen d'Déieren agefaange ginn.

1. Wat gött mat de Schildkröten gemaach, déi um Haff Réimech agefaange ginn? Stëmmt et, dass dës Déieren dout gemaach ginn?

Hei handelt et sech ëm d'Deckelsmouk *Trachemys scripta*, déi laut dem Artikel 4 vum *Règlement (UE) No 1143/2014 du Parlement européen et du Conseil du 22 octobre 2014 relatif à la prévention et à la gestion de l'introduction et de la propagation des espèces exotiques envahissantes* op der EU-Lëscht vun den invasiven exoteschen Aarte steet. Bei den Déieren um Haff Réimech ass dovun auszegoen, dass se vu Privatleit ausgesat goufen, déi d'Déieren net méi doheem konnten oder wollten halen.

D'EU-Memberstaaten hunn d'Obligatioun fir Aktiounen géint déi Aart ze ergräifen, well se schiedlech ass fir d'Flora an d'Fauna. Dës Aart ass net nëmme wéinst dem Problem vun der Konkurrenz mat eenheemeschen Deckelsmouke gelëscht ginn (wat hei ze Lëtzebuerg kee Problem ass, well déi eenzeg eenheemesch Deckelsmoukentaart, déi Europäesch Sumpfschildkröte (*Emys orbicularis*), zu Lëtzebuerg leider schonn ausgestuerwen ass), mee och wéinst dem Prädationsverhalen op kleng Wirbelloser wéi och Wirbeldéieren, z.B Amphibien wéi de Kammolch, deen am Haff Réimech virkënnt. De Kammolch ass eng bedroten Aart zu Lëtzebuerg a laut der europäescher Flora-Fauna-Habitat Richtlinn an och der nationaler Gesetzgebung streng geschützt. Dem Kammolch säin Iwwerliewen gött duerch déi ausgesaten Déiere bedrot, well dës Deckelsmouk deem säin Nowues, d'Kauzekäpp, ässt an och säi Liewensraum bedrot. En plus ass d'Deckelsmouk *Trachemys scripta* ee bekannte Reservoir vu *Salmonella*, déi fir de Mënsch geféierlech sinn.

Fir d'Gestiounsmesure besser ze encadréieren (Artikel 19, EU Règlement n°1143/2014) huet Lëtzebuerg decidéiert fir een Aktiounsplang auszeschaffen an huet eng Consultation publique gemaach am Kader vum Artikel 4 vun der *Loi du 2 juillet 2018 concernant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n° 1143/2014 du Parlement européen et du Conseil du 22 octobre 2014 relatif à la prévention et à la gestion de l'introduction et de la propagation des espèces exotiques envahissantes*.

Am Ausland gött déi Problematik scho méi laang behandelt an et gi verschidde Beispiller. D'Methode variéieren wat Fänken (z.B. verschidde Typen vun Netzer) awer och d'Eliminatioun (schéissen, afréieren, asw.) ugeet. Et ginn och Platze wou Sanctuieren gemaach gi sinn, fir vereenzelt Deckelsmouken ze halen.

No Concertatiounen tëschent dem Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, der Naturverwaltung an der Veterinärverwaltung ass gekuckt ginn, wat fir Lëtzebuerg déi bescht déieregerecht Method wär.

Alternativen sinn ageschat (z.B. schéissen als ze geféierlech, afréieren als net déireschutzgerecht) an écartéiert ginn. D'Deckelsmouken an engem Sanctuaire ze hale war och am Gespréich. Mee well dat et der vill sinn an déi Déieren iwwer 30 Joer liewe kënnen, wier et net méiglech eng Platz ze fannen oder ze schafen, wou Honnerten Deckelsmouken bis un d'Enn vun hirem Liewen kéinten sécher an déieregerecht gehal ginn. Dofir gouf och dës Alternative net zeréckbehal. D'Méiglechkeet, dass eng Fleegestatioun eng (limitéiert) Kapazitéit huet fir Deckelsmouken opzehuele besteet och, dëst awer haaptsächlech fir déi Déieren déi d'Privatleit ofginn an zu deenen eng emotional Bindung besteet.

D'Fänkmethode vun enger schwammender Plattform an duerno d'Aschléieren ass zeréckbehal ginn. D'Aschléieren gött vun engem Vétérinaire duerchgefouert.



2. Wéi vill Schildkröten goufen bis elo gefaangen a wéi vill goufen der dout gemaach?

Säit 2018 sinn 73 Deckelsmouke gefaange ginn; 72 dovun goufen euthanaséiert, eng ass een natierlechen Doud gestuerf.

3. Wéi vill Schildkröte befannen sech aktuell um Sitt?

Et gëtt keng wëssenschaftlech Etüd iwwer d'Gesamtpopulatioun vun Deckelsmouken um Site.

4. Op wéi engen anere Plätzen hei Land kommen dës Falen zum Asaz?

De Moment si soss néierens Falen am Asaz. Et ass awer virgesinn, Falen op aner héich prioritär Plazen ze setzen (z.B. an Naturschutzgebitter an do wou prioritär Aarten duerch d'Deckelsmouke bedrot sinn).

Lëtzebuerg, den 12. Mee 2022

(s.) Joëlle Welfring

Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung